N°7878
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.04.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Den 28. Mäerz 2023 war am POLITICO ze liesen, datt EU Länner déi d'Ukrain mat militärescher Hëllef ënnerstëtzt hunn, duerch d'EPF (d'"European Peace Facility") een Deel vunn hiren Dépense solle finanziell rembourséiert kréien. D'EPF ass e gemeinsame Fong zu dem d'Memberstaaten, jee no Gréisst vun hirer Ekonomie, bäidroen. Offiziell erhalen all Länner prozentual den nämmlechten Remboursement, nämlech ronn 84 Prozent vum präislecher Wäert dee si u militärescher Hëllef un d'Ukrain geschéckt hunn. Et gouf sech awer net gëeenegt wéi de Wäert vun dem Equipement berechent sollt ginn. Doduerch hunn offiziell 6 Länner hire Remboursement unhand vum Wäert vun nei agekaaftem Equipement berechent amplaz no dem Wäert vun der eigentlecher militärescher Hëllef. Dem EEAS ( European External Action Service) no huet Finnland 100% Prozent vum nei agekaaftem Equipement gefuerdert, Lettland 99% , Litauen 93% , Estland 91% , Frankräich 71% a Schweden 26% Prozent.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verdeedegungsminister gär folgend Froe stellen:

1) Wat ass de gesamte Wäert un der militärescher Hëllef déi Lëtzebuerg bis elo un d'Ukrain geschéckt oder fest zougesot huet?
2) Wéi vill Suen dreet Lëtzebuerg zu der EPF bäi?
3) Huet Lëtzebuerg e Remboursement ugefrot? Wa jo, wéi vill huet Lëtzebuerg gefuerdert ? Wéi huet Lëtzebuerg déi Zomm berechent?
4) Krut Lëtzebuerg e Remboursement a, wa jo, wéivill? Zu wéi engen Zwecken ginn déi rembourséiert Suë benotzt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten